N°8160
Entrée le 17.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.07.2023

FRAKTIOUN CSV

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, de 17. Juli 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend respektiv Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.

Fir Enseignant an der Grondschoul ze ginn, gëtt et vun der Rentrée un zwee Ausbildungsweeër: de klassesche „Bachelor en Sciences de l'Education" (BScE) an deen elo neie „Bachelor en Formation Pédagogique" (BFP) als Successeur vum sougenannte „Quereinsteiger-Modell".

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend respektiv Héichschoul a Fuerschung riichten:

- Betreffend de „Bachelor en Sciences de l'Education" (BScE):
    - Wéi vill Studieplaze si fir dat kommend akadeemescht Joer virgesinn?
    - Wéi vill Studenten hunn eng „Demande d'admission" agereecht?
    - Wéi vill Studente sinn ugeholl ginn?
- Betreffend de „Bachelor en Formation Pédagogique" (BFP):
    - Wéi vill Studieplaze si fir dat kommend akadeemescht Joer virgesinn?
    - Wéi vill vun de ronn 110 Studente, déi laut Äntwert op meng parlamentaresch Fro vum 26. Mee eng „Demande d'admission" fir dat éischt Semester agereecht hunn, sinn ugeholl ginn?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen

Co-Fraktionspresidentin

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre

**Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir Héichschoul a Fuerschung a Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 8160 vum 17. Juli 2023 vun der honorabeler Deputéierter Martine Hansen**

Ech reagéieren op der honorabeler Deputéierter hir Froe mat dëse Prezisiounen.

Fir d'akademescht Joer 2023/2024 huet de Bachelor en Sciences de l'Education (BScE) bis 180 Plazen am éischte Joer virgesinn, ofhängeg vum Resultat vum Examen d'admission. D'Universitéit krut 369 Demandes d'admission fir d'éischt Semester vum BScE. 228 Kandidaten hunn den 11. Juli den Opnamexamen fir de BScE gemaach. 172 Kandidaten goufen ugeholl; 30 vun hinne goufen „conditionnellement" ugeholl, dat heescht, dass si Defiziter an engem Fach hunn an eng Remediatioun musse maachen. Dat ass eng Steigerung vun 24 % par rapport zum akademesche Joer 2022/2023, wou 139 Kandidaten ugeholl goufen.

Fir d'akademescht Joer 2023/2024 huet de Bachelor en Formation Pédagogique (BFP) bis 60 Plaze virgesinn, ofhängeg vum Resultat vum Opnamexamen. 110 Kandidaten hu sech fir de BFP interesséiert an 73 Kandidate si fir den Opnamexamen den 11. Juli zougelooss ginn. 50 Kandidaten hunn um Examen deelgeholl an 32 vun hinne sinn ugeholl ginn; 4 vun hinne goufen „conditionnellement" ugeholl, dat heescht, dass si Defiziter an engem Fach hunn an eng Remediatioun musse maachen.

Lëtzebuerg, den 1. August 2023

De Minister fir Héichschoul a Fuerschung

(s.) Claude Meisch